

Ordre du jour (suite)

7. 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
9. 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Suite des débats de la 20e séance du Compte rendu n° 6)

7. 4927 - Projet de loi concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement dans la Communauté européenne des créances relatives à certains impôts, cotisations, droits, taxes et autres mesures

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetz-projet 4927, deen der Chamber haut zum Vote virläit, bezitt sech op de Recouvrement vu steierleche Créancen an der Europäescher Gemeinschaft. Ech maachen eng kuerz Zesumme-faassung vun de parlamentareschen Aarbechten.

De Finanzminister huet de Projet ausgeschafft an huet en den 19. Mäerz 2002 an der Chamber déposéiert. D'Chambre des Employés privés an d'Chambre de Travail hunn de Projet de loi aviséiert. Dem Statsrot säin Avis ass vum 18. Juni 2002. D'Regierung selwer huet de Projet de 9. Juli nach eng Kéier amendéiert. D'Finanz- a Budgetskommissioun huet sech insgesamt véiermol mam Projet beschäftegt. An deem Kontext huet se selwer nach verschidden Amendementer proposéiert, déi de 25. Oktober un de Statsrot geschéckt goufen. Den zweeten Avis complémentaire vum Conseil d'Etat ass vum 26. November vun deem Joer. Während der Sétzung vum 16. Dezember 2002 huet d'Kommissioun de schréfftleche Rapport guttgeheescht.

Wat ass elo den Inhalt vun deem Gesetz? Am Steuerrecht gëtt et e fundamentale Prinzip. Dat ass d'Territorialitéit vun de fiskalesche Gesetzter. Dëse Prinzip bréngt mat sech, dass de Stat seng Steieren net automatesch am Ausland andréiwe kann. Wann de Stat eng Gerichtsprozedur am Ausland lancéiere géif, da géif dës Prozedur juristesche als irrecevabel, dat heescht, als onzoulasseg erkläert ginn.

Fir Steieren am Ausland recouvréieren ze kënnen, ass de Stat op déi international Hëllef ugewisen. Dës international Hëllef spillt op administrativem Niveau.

Se baséiert op de Prinzipiën vun der Réciprocitéit an am géigesäitege Vertrauen tëschent den Autoritéiten. Dës Hëllef setzt awer och viraus, dass ee sech kloer prozedural Regele gëtt, déi de Gesetzgeber selbstverständlech dann och esou definéiere muss.

Am Moment bestinn eng Partie vu Konventiounen, déi dës international Hëllef reglementéieren. Et gëtt eng multilateral Konventioun um Niveau vum Benelux. Et ginn och bilateral Konventiounen vu Lëtzebuerg mat de Länner Frankräich, Däitschland, Dänemark, Finnland a Schweden.

Op communautärem Niveau ass d'Hëllef beim Recouvrement schonn zënter 1978 obligatoresch, an dat um Niveau vun de Prélèvements agricoles an den Droits de douane. De Referenztext hei ass d'Direktiv 76/308/CE vum 15. Mäerz 1976. No an no ass de Champ d'application méi breet ginn, an d'TVA an d'Accise si leider bäikomm. E weidere wichtege Text ass d'Direktiv 2001/44/CE vum 15. Juni 2001, déi d'Direktiv, déi ech elo grad ugeschwat hu vun 1976, amendéiert. D'Direktiv vun 2001 foussst op folgender Feststellung:

De grenziwwerschreidende Bedruch am Beräich vun der Fiskalitéit floréiert, wann ee keng effikass Recouvrementsaccorden huet oder wann där keng besteet. Ech zitéieren den Exposé des motifs vun der europäescher Kommissioun: „Le recouvrement des créances est un élément essentiel de la lutte contre cette menace que représente la fraude. Sans méthode efficace de collecte et de recouvrement il est vain d'instituer et de contrôler les droits de douane et les taxes. Le fait que les sommes passées en fraude puissent échapper à la compétence de l'administration nationale compromet le succès des poursuites qui seraient engagées. L'absence d'accord de recouvrement efficace encourage par conséquent la fraude transfrontalière. Les mesures nationales et même la coopération entre administrations sur la base d'accords bilatéraux ne sauraient suffir pour relever ces défis. Les accords existants en matière d'assistance mutuelle présentent trop de lacunes pour faire face à ces défis. Les deux secteurs les plus préoccupants sur la TVA et la fiscalité directe“.

Ech kommen elo op d'Grondiddie vun der Direktiv, déi de Conseil zréckbehalen huet.

Éischtens gëtt de Champ d'application matériel vun der internationaler Recouvrementshëllef weider ausgedehnt, wéi zum Beispill op d'Akomessteier an op d'Vermögenssteuer. Zweetens ginn d'Formen vun der Hëllef ënner anerem adaptéiert. Drëttens ginn d'Cooperationsprozeduren renforcéiert.

Am Moment ass e Prozess géint d'Direktiv 2001/44 virun der Cour de Justice des Communautés européennes unhängelech. Déi Europäesch Kommissioun huet dëst Gericht befaasst, well se net averstanen ass mat der Base juridique, déi de Conseil zréckbehalen huet. Trotz deem Gerichtsprozess sinn d'Memberstate forcéiert, fir hir Direktiv an hir national Gesetzgebung ze transposéieren.

D'Date-limite fir dës Transposition war den 1. Juli 2002, dat heescht, dat Gesetz huet schonn eng relativ grouss Drénglechkeet.

Här President, de Projet de loi gesäit vir, de koordinéierten Text vun der Direktiv an d'Lëtzebuurger Recht ze transposéieren. Firwat ass d'Regierung mat op dës Wee gaangen? Den Haaptgrond ass d'Tatsaach, datt d'Basisdirektiv an déi Direktiven, déi duerno komm sinn, op eng net homogen Aart a Weis transposéiert gi sinn. An anere Wieder hu mir verschiddenen Texter, déi net deeselwechten hierarcheschen Niveau hunn. Konkret sinn dat dräi Gesetzter an dräi Règlements grand-ducaux.

Elei stelle sech onweigerlech Problemer um Niveau vun der Transparenz, wéi och vun der Rechtssécherheet. Fir dëser Situatioun en Enn ze maachen, proposéiert d'Regierung een eenzege Gesetzestext, dee sech jo op all déi zoustänneg Autoritéiten an op eng uniform Aart a Weis applizéiert. Den Detail gëtt duerch een oder méi Règlements grand-ducaux geregelt.

Wat steet elo konkret am Gesetzesprojekt? De Projet applizéiert sech fir all Créance vum Lëtzebuurger Stad an de Beräicher vun der Akomessteier, der Vermögenssteuer, der TVA, den Accisen um Tubak, um Alkohol, um Uelech, Mineraluelech, de Steieren op den Assurancen, esou wéi um Droit à l'importation et à l'exportation. Déi zoustänneg Lëtzebuurger Autoritéit sinn d'Steierverwaltung, den Enregistrement, d'Douane an de Landwirtschaftsministère.

Et gëtt een Ennerscheid gemaach tëschent dräi Formen vun Assistance mutuelle: d'Demande de renseignement, d'Demande de modification an d'Demande de recouvrement. Weiderhi gi ganz detailléiert Konditiounen, ënnert deenen esou eng Hëllef méiglech ass, duerch dëst Gesetz fixéiert.

Zum Schluss nach e puer Wieder zu den Avisen. Déi zwou Chamberen, déi de Projet aviséiert hunn, hu sech allenzwou mam Projet averstanen erkläert. De Statsrot approvouéiert och dëse Projet. E lueft ganz besonnesch d'Qualitéit vun den Analysen an den Erklärungen um Niveau vum Exposé des motifs. Hien deelt och d'Approche, fir d'Matière vun engem eenzege Gesetzestext ze reglementéieren.

Schlussendlech insistéiert de Statsrot drop, datt d'Bestëmmung vum Secret professionnel respektéiert musse ginn. An der Praxis sollen déi concernéiert Verwaltungen eng gemeinsam a kohärent Linn verfollegen, esou datt de Prinzip vun der Egalité des

citoyens devant la loi respektéiert ka ginn.

Ech hoffen, Här President, dass dëse Gesetzesprojekt eng breet Zoustëmmung elei an der Chamber kritt. Ech géif och am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord dozou ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten huet den Här Jeannot Krecké d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, net nëmmen dass d'Zäit scho fortgeschrétt ass, mä och well mir mat deem Projet vun Ufank u mat d'accord waren a kee Problem an der Kommissioun hatten, kann ech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, mir soen dem Rapporteur villmools merci fir säi Rapport, a well en och esou ausféierlech dee Rapport hei virgedroen huet, ass eis Fraktioun och d'accord fir dee Projet ze stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci Här President. Och vun eiser Säit wëll ech mech mengen zwee Virriedner uschlëssen, andeem ech dem Rapporteur merci soe fir seng detailléiert Explikatiounen a säi Rapport, a vun eiser Säit och d'Zoustëmmung bréngen.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Den Här Minister Luc Frieden kritt elo d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ech profitéieren dann dovun, fir dem Rapporteur Lucien Clement, am Numm vun der Regierung, merci ze soen, well et ass jo net d'Längt...

(Brouhaha général)

...vun den Débaten déi oft d'Wichtigkeet vu Projete beweist, an dofir soll een also och net dat ënnerschätzen, wat hei vun Aarbecht vun der Finanzkommissioun an dem Rapporteur gemaach ginn ass, dofir merci vun der Regierung aus. Mä bei esouvill Eestëmmegkeet an der Chamber wëll ech déi net duerch meng Aussoen duerchernee maachen, an dofir sinn ech frou dass dëse Projet schéngt eestëmmeg gestëmmt ze ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir kommen dann zu der Lecture vun den Artikelen.

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wollt nach ganz kuerz eppes nom Här Minister soen, wann Der wëllt, Här President.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Jo.

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Laacht net. Et ass esou, datt beim Projet mäi Kolleg, den Här Gibéryen, lech jo den Accord bruecht huet, mä ech wollt profitéieren vun dem Fait, datt de Budgetsminister do ass, fir drop hinzeweisen, datt mer bei deem Gebai wou mir elo déi Optioun kafen, datt mir do Loyer...

(Hilarité générale)

Une voix.- Dir sidd am falsche Film!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Et ass gutt, et ass gutt. Ech hunn näischt gesot.

(Brouhaha et Hilarité)

M. le Président.- D'Diskusioun ass ofgeschloss a mir kommen dann elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4927 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 23 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4927.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Théo Stendebach), Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

An da komme mir elo zur Diskusioun vum Projet de loi 5016 iwwert de Kaf vun engem Verwaltungsgebei op der Escher Strooss. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Häre Bodry, Stendebach, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

8. 5016 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un immeuble administratif situé à Luxembourg, route d'Esch

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir

Dammen an Dir Hären, säit enger Rei vu Joren ass et fir d'Regierung ëmmer méi schwieereg adequat Gebaier ze fannen, fir déi verschidde staatlech Administratiounen a Servicer ënner Dag ze kréien.

Fir dësem Problem Meeschter ze ginn, lount de Stat dann och eng Partie Gebaier op verschiddenen Adressen, dat mat sech bréngt, datt vill Servicer sou bësselchen iwwert d'ganz Stad verspreet sinn.

Et sief an dësem Kontext drun erënnert, datt d'Commission des loyers Ufanks de 70er Joren eng Strategie verfollegt huet, fir d'Verwaltungen net zevill an der Stad ze verdeelen, mä éischter op dräi Kären oder Zentren ze limitéieren. Et waren dat zu engem Deel de Regierungsvéierel, de Boulevard Royal, d'Beaumonts Gaass, esou wéi de Garer Quartier mam Rousegärtchen an der Garer Plaz.

Mat de Jore konnt awer dës Strategie net méi bäibehale ginn, an d'Commission des loyers huet no an no misse verschidde Gebaier lounen, déi ursprénglech awer als Wunnraum geduecht waren. Et huet sech schnell erausgestallt, datt dës Gebaier och duerch hiert baulecht Konzept de reellen Erfuernerissen net entsprach hunn. Dës Konditiounen hunn d'Aarbechten an dësen Administratiounen an an dësé Servicen net méi einfach gemaach.

An den achtzeger Jore sinn dunn ëmmer méi Banken an Assurancen op d'Finanzplaz Lëtzebuerg komm, déi sech gréisstendeels de Stadkär vu Lëtzebuerg als Siège ausgesicht hunn. D'Präisser um Boulevard Royal esou wéi an der neier Avenue sinn zolitt an d'Luucht gaangen.

D'Verwaltungen hunn doropshi missen aner Gebaier bezéien, well d'Regierung eben net onbedéngt nach e Beitrag zu dëser Surchauwe vun de Präisser leeschte wollt. Och dës Gebaier ware meeschtens onfonctionnel, also net esou aménagéiert, wéi ee sech dat fir e modernt Bürosgebai hätt kënne virstellen. An den nonzeger Joren huet sech d'Problematik dunn nach eng Kéier verschäerft, well d'Verwaltungen ëmmer méi duerch d'Haaptstad verspreet goufen, och well e rapiden Zouwuess vun der Bevölkerung selbstverständlech dann och en Zouwuess vun de Verwaltunge mat sech bruecht huet. Haut beméit sech d'Commission des loyers, fir Gebaier aus ze maachen, déi nei sinn, déi modern sinn an déi och en Opkaf duerch de Stat zu engem spéideren Zäitpunkt erlaben, wat och der staatlecher Strategie a puncto Gebaier oder Büroflächen entsprécht.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Am Kontext vum Gesetzestext 4883, iwwert d'Acquisition vum dräi Gebaier um Kierchbiérg, hat d'Regierung ugekënnegt, dass nach weider Projeten op den Instanzewee kéimen. De Projet 5016, dee mir haut zur Ofstëmmung virleien hunn, autoriséiert de Stat e Gebai ze kafen, dat sech op de Nummern 207 bis 211 op der Escher Strooss hei an der Stad befënn. D'Regierung huet dëst Gebai säit kuerzem gelount an de Contrat de bail enthält eng Dispositioun, déi et der Regierung erlaabt, d'Gebai ze kafen. Dëse Kaf muss allerdéngs bannent deenen nächsten dräi Joer geschéien.

D'Gebai op der Escher Strooss weist eng Rei vu Virdeeler op. Et ass en neit Gebai an d'Architektur erlaabt et, fir verschidde Servicer an dësem Gebai ënnerzebréngen. Doriwwer eraus läit d'Gebai op enger Haaptachs vun der Stad, no un den öffentleche Verkéiersmëttelen an och no bei anere staatleche Verwaltungen.

De Contrat de bail gesäit e jährelche Loyer vun 1,5 Milliounen Euro vir, fir eng Gesamtsurface vu

4.400 m², déi op sechs Etagé verdeelt sinn, vu 452 m² Archiven a vun 49 Parkplazen. De Bail, deen och eng Kënnegungsklausel huet, leeft iwwer véier an en halleft Joer. De Gesetzestext gëtt der Regierung d'Méiglechkeet, fir dat Gebai zu engem hir convenablen Zäitpunkt ze kafen. De Stat kann esou senge Verwaltungen déi Infrastruktur ginn, déi se brauchen, an déi fir hir Aarbecht onerlässlech sinn. De Kaf drängt sech ëmsou méi op am Kontext vun deem dach relativ héije Loyerspräis.

De Budgetskredit, fir den Ukafspräis, 18,5 Milliounen Euro kascht dat Haus, ze bloquéieren, ass e Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice, deen et der Regierung erlaabt, d'Gebai zu engem fir si opportunen Zäitpunkt ze kafen.

Fir de Rapport komplett ze maachen, wëll ech nach preziséieren, dass de Budgetminister Luc Frieden de Projet de 17. September 2002 hei an der Chamber déposéiert huet. De Statsrot huet den 8. Oktober e positiven Avis zu dësem Projet ofginn. An der Sëtzung vun der Finanzkommissioun vum 24. Oktober ass dann och de Rapporteur désignéiert ginn, an an der Sëtzung vum 19. November ass den Text vum Gesetz, esou wéi den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl ginn. Last but not least ass de schréffleche Rapport an der Sëtzung vum 16. Dezember analyséiert an ugeholl ginn.

Ech hoffen, ech konnt lech déi noutwenneg Erklärungen zu dësem Projet ginn. Ech schlësse mäi Rapport mam Accord vun der CSV-Fraktioun of. Ech recommandéiere selbstverständlech der Chamber, fir dësé Projet ze stëmmen. Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Häre Rapporteur. Den éischten Diskussionsriedner ass den Här Bodry. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa meng Fraktioun wäert deen heite Gesetzesprojet stëmmen, ass et awer esou, dass sech eng Rei vu méi prinzipielle Froe mat dem Vote vun deem heiten Text verbannen, op déi ech och wëll hei e bësse méi am Detail agoen.

U sech handelt et sech jo hei einfach ëm en Autorisatiounsgesetz, wou d'Regierung also vun der Chamber autoriséiert gëtt, fir en administratiiv Gebai, an der Escher Strooss hei an der Stad geleeën, an der Grenz vun 18,5 Milliounen Euro kafen ze goen. Dat Gebai ass fir de Moment a Locatioun vum Stat, e Bail, deen op 4,5 Joer festgeluegt ginn ass an déi Kafoptioun, déi de Stat huet, besteet während deenen éischten dräi Joer vun deem Bail do. Esouwäit, esou gutt.

Allerdéngs stelle sech bei dësem Projet zwou Froen haaptsächlech. Froen, déi mat Landesplanung ze dinn hunn, a Froen, déi mam Finanzierungsmodus ze dinn hunn. Wat de Problem vun der Landesplanung ugeet, esou géif ech hei gären dat nach eng Kéier rapeléieren, wat mir och schonn hei am Juni ervirgehuwen hate bei engem ähnleche Projet de loi, wou et drëm gaangen ass, fir en neit Verwaltungsgebai um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg ze kafen. Et stellt sech d'Fro, ob d'Regierung e globaalt Konzept huet, wéi staatlech Servicer sollen hei am Land organiséiert ginn, wéi ee wëllt dezentraliséieren hei zu Lëtzebuerg a wéi een och der Regionaliséierung vu staatlecher Säit méi konkret Konture gëtt.

Ech wëll drun erënneren, dass zënter 1999, dat sinn elo knapp véier Joer hier, eng éischt Etüd virläit, déi déi viregt Regierung nach an Opdrag ginn hat, fir e Konzept

vun Dezentraliséierung vun den öffentleche Servicer hei zu Lëtzebuerg op d'Been ze kréien. Ech stelle mir d'Fro, wat dës Regierung an deem dote Beräich ënnerrholl huet. Wat ass mat där Viretüd geschitt? Ech kann net erkennen, dass iergendwéi un deem doten Dossier geschafft ginn wär, dass probéiert gi wär, fir eng kohärent Approche sech ze ginn als Regierung, wat den Emplacement vun neien administrative Servicer ugeet, respektiv wat d'Organisatioun vun eenzelne staatlechen Déngschtstellen ugeet am Sënn vun enger méi grousser Noperschaft zum Bierger, am Sënn och fir eng gewëssen Dekonzentréierung vun de staatleche Servicer hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren, wou déi grouss Mass nach ëmmer um Territoire vun der Hauptstadt konzentriert ass.

Et stellt sech also eng Fro, wéi ee kohärent wëllt déi staatlech Déngschtstellen iwwert d'Land organiséieren. Da stellt sech och eng Fro innerhalb vun der Stad Lëtzebuerg, wéi een an der Hauptstadt wëllt eng gewësse Kohärenz an d'Lokaliséierung vun den administrative Servicer vum Stat erabrénge. Ech muss feststellen: Och dësé Projet de loi gëtt hei keng eenzeg Indication an eng aner Richtung. Ech muss feststellen, dass et an deem dote Punkt zwar eenzel Décisiounen vun der Regierung gëtt, fir eenzel staatlech Stellen ausserhalb vun der Stad Lëtzebuerg unzesiedelen, mä ech erkennen awer keng allgemeng Démarche, fir no rationnelle Kritären ze probéiere sech also a puncto Dezentraliséierung e kloert Konzept, fir eng laangfristeg Period ze ginn.

Eng zweet Form vu Bemierkung, déi ee muss maachen, dat ass de Finanzierungsmodus, deen hei gewielt ginn ass vun der Regierung, wou hei e Projet vun ëmmerhin 18,5 Milliounen Euro, dat si 740 Milliounen gutt al Lëtzebuerger Frang, einfach soll iwwer eng Ligne budgétaire vum Finanzministère ofgewéckelt ginn. Dëse Kaf, wann e sech da mécht, soll also net lafen iwwert d'staatlech Investitiounsfongen - mir hu jo e Fong fir administrativ Gebaier, dee gëtt hei net erugezunn -, mä eng einfach Ligne budgétaire am Budget en capital vum Stat.

Da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob eigentlech déi Ligne budgétaire genügend dotéiert ass, fir esou Akeef kënne ze täten. Ech kucken a meng Budgetsdokumente fir 2002, do sti fënnf Milliounen Euro an där Ligne budgétaire dran, a fir 2003, siehe da, sinn et sechs Milliounen Euro, déi virgesi ginn, a wou etlech Projekte sollen iwwert déi Ligne budgétaire ofgewéckelt ginn. Deen heite Projet eleng géif, wann d'Regierung d'Optioun zitt, also mat 18,5 Milliounen Euro zu Buch schloen.

Ech wëll drun erënneren, dass mir viru sechs Méint, den 12. Juni dëst Joer, e Projet gestëmmt hunn hei an der Chamber, wou d'Regierung ermächtegt ginn ass, fir dräi administrativ Gebaier um Kierchbiérg ze kafen. Gesamtkäschtpunkt vun deem Projet: 43 Milliounen Euro, dat sinn 1,72 Milliarden gutt al Lëtzebuerger Frang. Och deen dote Projet soll ofgewéckelt ginn iwwert déiselwecht Ligne budgétaire, déi also fir 2002 dotéiert war mat fënnf Milliounen Euro, a fir 2003 dotéiert ass mat sechs Milliounen Euro. An ech si sécher, dass och nach eng Rei vu klengere Projeten, déi net hei an d'Chamber kommen, och sollen iwwert déi dote Ligne budgétaire ofgewéckelt ginn.

Elo handelt et sech dobäi ëm e Crédit non limitatif sans distinction d'exercice. Dat ass schéin a gutt.

Et kann ee selbstverständlech och systematesch dohinner goen an Ausgaben ënnerschätzen, an dann am Laf vum Joer iwwer Dépassementer dann daitlech méi Ausgaben täten, wéi d'Chamber eigentlech d'Autorisatioun dozou ginn huet. Dat kann ee selbstverständlech maachen, dat kann een zumools an Zäite vun Héichkonjunktur maachen, wou d'Statskeese mat Plus-valuë gutt gefëllt sinn an a Milliardenhéicht operéiert gëtt, wou een da kann ouni gréisser Schwierigkeiten esou Operatiounen duerchféieren.

Elo mengen ech awer, dass zumools och dës Debatten iwwert de Budget dëst Joer hei an der Chamber gewisen hunn, dass sech d'Zäite geännert hunn. Dass mir och hei zu Lëtzebuerg net méi a wirtschaftleche Boomzäite sinn, mä dass mir zumindest - ech drécke mech virsiichteg aus - an Zäite vu wirtschaftlecher Stagnatioun sinn, mat deene Répercussiounen, déi dat selbstverständlech och op d'Statsfinanzen, op den Equiliber vum Statsbudget huet.

Ech stelle mer also hei, am Numm vu menger Fraktioun, d'Fro, wéi dat do soll an Zukunft gehandhaabt ginn. Wann ee gesäit wat d'Vergaangenheet bei deene fette Jore war, da stellen ech mir d'Fro, wéi ee kann dohinner goen, an e Budget hei an der Chamber presentéieren, deen d'Majoritéit jo dann och stëmmt, wou een dach awer bei esou wicthge Lignes budgétaires weess, dass een eigentlech déi falsch Zuele vu vir eran asetzt. Dat werft fir mech e relativ schwaarzt Licht op de Prinzip vun der Wourecht bei der Opstellung vum Budget, wéi och op de Prinzip vun der Rigueur bei der Ausféierung vu Budgetsprinzipien, déi d'Regierung awer, an hire Rieden zumindest, ëmmer gären héich hält, a wou ee gemierkt huet, dass sech an der Vergaangenheet, zumindest op deem heite Punkt, net dorunner gehale ginn ass.

Ech wëll dofir och e puer Zuelen hei uféieren, wat d'Exekutioun vun deenen dote Lignes budgétaires vun deene leschte Joren ugeet. 1999 stoungen am deemolege Budget, wéi d'Chamber e votéiert huet, 150 Milliounen Lëtzebuerger Frang; schlussendlech huet d'Regierung der 375 Milliounen ausginn, dat ass plus 150% par rapport zum initiale Budget. Et sollt awer nach besser kommen. Am Joer 2000 stoungen am votéierte Budget 3,72 Milliounen Euro, d'Regierung huet - haalt lech un - 19,88 Milliounen Euro ausginn; dat ass en Dépassement vu 540%. Am Joer 2001 - dat sinn déi lescht Zuelen iwwert déi ech verfügen, de Minister huet vläicht d'Zuelen och scho fir 2002 esou wäit virleien - stounge jiddefalls an deenen dote Lignes budgétaires fir Ausgabe 4 Milliounen Euro zur Verfügung, et sinn awer 32,47 Milliounen Euro ausgi ginn; dat ass e Rekord-Dépassement vun 810%.

Dat doten ass e Posten deen all Kéiers bei alle Rapporten, vun der Chambre des Comptes fréier, a vun der Cour des Comptes haut, kritiséiert gëtt, well eigentlech systematesch falsch Zuelen am Budget stinn, e systematesch vun der Regierung ënnerschätzt gëtt an da schlussendlech systematesch vun der Regierung dépasséiert gëtt.

Mir sinn der Meenung, dass déi dote Praxis an Zukunft net méi kann esou duerchgefouert ginn, et sief et kann ee gläichzäiteg op enger anerer Plaz Ausgabe spueren, respektiv et weess een, dass ee Mehreinnahmen huet, déi virdrun nach net am Budget drastoungen, a wou een also da kann den Equiliber garantéieren.

Wat och net gutt ass, ass ganz kloer, dass déi grouss Akeef hei, déi de Stat mécht, dass déi eigentlech an der Programmation pluriannuelle vun der Regierung a kengem Dokument erëmzefanne

sinn. Si sinn an de Fongen net dran, a si si schlussendlech och a kengem aneren Dokument mat dran.

Ech sinn der Meenung dass vun der Chamber votéiert Projeten, ob dat Projete sinn déi iwwer Fongen ofgewéckelt ginn oder iwwer aner Artikele vum Budget - dat spillt jo keng Roll -, wann ee wëllt eng Planifikatioun maachen, muss ee se iwwer all déi Elementer do maachen. E Bauprojet ass e Bauprojet, wann d'Chamber hiren Accord gëtt, muss een dach ee vun der Chamber approuvéierte Bauprojet, dee mat enger substanziereller Dépense verbonnen ass, wou d'Constitution vorschreift, datt eng Loi spéciale muss votéiert ginn, an der Programmation pluriannuelle erëmfannen, déi d'Regierung, déi de Stat mécht. Dat ass technesch parfaitement méiglech, an et ass politesch mengen och néideg. Wann een en Iwwerbléck iwwert déi zukünfteg Engagementer vum Stat wëllt behalen, da muss een all Engagementer vum Stat an där Programmation erëmfannen, an et ass och néideg wann d'Chamber wëllt hir Kontrollfonctioun ausüben, dass se dann och iwwer sämtlech Donnéeë verfügt an net nëmmen deelweis.

■ M. le Président.- Här Bodry, erlaabt Dir eng Zwëschefro vum Här Bettendorf?

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Näischt léiwer wéi dat, Här President?

(Brouhaha général)

■ M. Niki Bettendorf (DP).- Ech wollt dem Här Bodry just soen, ech war och laang an enger Gemeng tätig, a wann een zum Beispill als Gemengepapp oder als Gemengemamm oder als Regierung op eng Stee goe muss, wou een en Objet ze kafe kritt, e gudde Projet, da kann et jo awer net sinn, dass dat an enger pluriannueller Virausschau iergendwéi festgehalten ass. Déi Stee, déi ass iwwermuer, an da muss ee kënne eng Décisioun huelen. Dat kann net esou sinn, datt een no engem Plang op fënnf, sechs, siwe Joer viraus ka soen: Dat do musse mir virausgesi fir ze kafen. Dat kann net sinn. Do muss ee méi flexibel bleiven; dat ass an de Gemengen esou, an dat ass beim Stat esou.

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Här Bettendorf, wann Dir mir nogelauschtert hätt, dann hätt Dir déi dote Fro net bräichten ze stellen. Ech hu ganz kloer präziséiert dass et sech hei net ëm Steeën handelt.

Deen heite Projet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, an Héicht vun 18,5 Milliounen Euro, dee Projet de loi deen dës Chamber ofgestëmmt huet viru sechs Méint an Héicht vun 43 Milliounen Euro, dat huet näischt mat enger Urgence ze dinn, dat huet näischt mat engem schnelle Reagéieremussen ze dinn, fir iergendwéi op enger Stee musse kënne als Stat aktiv ze ginn.

Dat hei si Projeten, dat hunn ech präziséiert, déi votéiert gi si vun der Chamber, wou eng Loi spéciale muss virleien no eiser Verfassung, fir dass se iwwerhaupt kënne duerchgefouert ginn. Déi Projeten do, déi muss een an enger Programmation pluriannuelle erëmfannen, soss ass et onméiglech eng Planung ze maachen.

Et bréngt eis jo näischt, wa mer méi bëlleeg Projeten an de Fongen erëmfannen, well déi zoufällg iwwert d'Fonge lafen. Wann déck Projete kënne niewendrun iwwert den normale Budget ofgewéckelt ginn - an dat si jo awer trotzdem Engagementer déi sou ferme si wéi déi Engagementer déi d'Regierung hält iwwert déi Projeten, déi iwwert d'Fonge lafen -, da muss een déi also kënne hei an enger Programmation pluriannuelle, déi wëllt komplett sinn, erëmfannen. Ech betounen nach eng

Kéier: Et ass technesch méiglech, a politesch wär et wünschenswäert.

Sou dass ech also mengen, dass mir hei an enger Situatioun si wou mer esou e fragilen Equiliber, och vun eisem Statsbudget 2002, a wahrscheinlech och 2003, wäerte kennen, sou dass een also net méi ka mat darselwechter Liichtegkeet iwwer Dépassementer fir gréisser Zomme fueren, wéi dat vläicht déi lescht Jore méiglech war, mä dass et also eng Rei vu wirtschaftlechen a finanzpoliteschen Zwäng gëtt, déi et néideg maachen, dass d'Regierung an deenen dote Punkte méi Fouss bei Mol hält, wéi dat virdrun de Fall war.

Hei ass jo momentan dat Gebai a Locatioun geholl: d'Regierung huet hei just eng Optioun, fir also an deenen nächsten dräi Joer - dovunner wäert schonn e Joer elo ofgelaf sinn -, déi Optioun also kennen ze zéien.

Mir wäerten dee Projet hei stëmmen, mä mat deem ausdréckleche Virbehalt, dass d'Regierung sech et zweemol muss iwwerleeën, an eréischt op Grund vun der zukünftger Entwécklung vun eiser Wirtschafts- a Finanzsituatioun kann dohinner goen, an hei en Dépassement autoriséieren. Mir sinn an enger Situatioun, mengen ech, wou een d'Regierung muss kënne mam Wuert huelen, wa se vu Rigueur a Virsicht bei der Ausféierung vum Budget schwätzt. Mir verlaangen, dass d'Regierung sech un déi Wieder hält, déi se hei d'lescht Woch an der Chamber beim Vote vum Budget deklaréiert huet. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. D'Wuert huet den Här Stendebach.

M. Théo Stendebach (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn op dëser Plaz schonn e puermol op d'Feele vun de Raimlechkeete fir eis Statsverwaltung higewisen. Spéitstens bei der Diskussioun vum Gesetz 4883, iwwert d'Acquisitioun vun dräi administrative Gebaier um Kierchbiereg, konnt ee sech méi genee mat dësem Thema auserneesetzen.

Jorelaang ass sech beklot ginn, dass de Stat net genuch eegen, an zum Deel och net genug géee-gent Büroraimlechkeeten zur Verfügung hätt. Dat wat ee ka soen ass, datt ënnert dëser Regierung awer elo seriös Efforte gemaach ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren.

Mir wësse jo, dass d'Statsservicer op ongeféier 115 verschiddenen Adressen verspreet sinn. Loune goen heescht och, datt ee sech de Contrainté vun engem Contrat de bail ënnerwerfe muss. Zum Beispill muss en Deel vun der Steierverwaltung vum 31. Dezember 2004 un an nei Raimlechkeete plënnern, well de Contrat de bail ofleeft. A wann ee lount kann ee seng Raimlechkeeten net esou aménagéieren, wéi dat seng Uspréch verlaangen.

Doniewent kënnt, datt de Stat héich Zomme vu Locatiounen muss bezuelen. Dofir ass déi positiv Entwécklung, déi elo agesat huet, fir verstärkt eegent Kapital ze schafen, nëmmen ze begrëssen. Kierzlech krute mir d'Pläng fir en neit Verwaltungsgebai an der Hollerecher Strooss virgestallt. Da kommen ech och nach eng Kéier op...

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Jo, mä et ass elo op Äis geluegt.

M. Théo Stendebach (DP).- Lauschtert no, Mme Wagener, dat kënnt jo nach hei hannendrun.

Da kommen ech och nach eng Kéier op dat aalt Postgebai an der Hollerecher Strooss ze schwätzen, wou de Budgetminister jo op eng Question parlementaire vum Gusty Graas vum 28. Juni 2001

geäntwert hat, dass d'Regierung géing préifen, ob een op dëser Plaz och een neit Verwaltungsgebai opriichte kënnt.

D'Motivatioun vun den Ugestellten, net nëmme beim Stat, ass jo och zu engem gudden Deel ofhängeg vum direkten Aarbechtsëmfeld, an dozou gehéieren d'Bürosraimlechkeeten. Ee Grond méi, fir also esou wäit wéi méiglech Propriétaire vu Gebailechkeeten ze ginn. Selbstverständlech ass dat, besonnesch um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, net esou evident. Doniewent sinn d'Präisser jo och net ëmmer sozial.

Mat dësem Projet verlooosse mir jo vläicht den traditionelle Wee. De Stat huet sech jo am Kontrakt d'Méiglechkeet ausgehalen, bannen dräi Joer vum Locataire zum Propriétaire ze ginn. Dat huet de Virdeel, dass een déi Acquisitioun gegebenfalls zu enger Zäit ka maachen, wou déi budgetär Mëtelen dat besser erlaben. Am schlémmste Fall kann een och ganz op déi Acquisitioun verzichten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gebai läit jo bekanntlech an der Escher Strooss. Zu Recht gëtt am Rapport drop higewisen, dass dës Site eng gutt Ubannung un den öffentlechen Transport erméiglecht. D'Gare vun Hollerech an de städteschen Autobusdéngscht droen dozou bäi.

Eng Remarque muss ech zu dësem Site maachen. E läit jo an der direkter Proximitéit vun der Zone industrielle et commerciale vun der Cloche d'or, déi sech an deene leschte Joren immens entwéckelt huet, an och nach weider entwéckele wäert. Dat huet de Verkäiersproblem natierlech net méi kleng gemaach. Fir an dësem Beräich am Dag eng Parkplaz ze fannen, ass net einfach. Dofir ass et gutt, dass 49 Parkplazen aménagéiert ginn. Et solle jo och Servicer an dëst Gebai kommen, wéi zum Beispill de Service de renseignement, deen u sech net vill Visiteuren unzéie wäert. Dat bréngt mech dozou, nach ofschléissend e puer Reflexiounen iwwert d'Dezentraliséierung ze maachen.

Mir musse schonn d'Chance notzen, fir deen een oder anere Statservice aus der Hauptstadt ofzezéien. Wann dat Gebai elo fräigestallt gëtt fir de Stat, erhoffen ech mir, dass dann an der Stad Lëtzebuerg, wou Gebailechkeeten eidel ginn, erëm Wunnenge kënnen dra kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Lucien Clement nach merci soe fir säi Rapport. D'DP kann dësem Projet de loi jiddefalls nëmmen zoustëmmen, well en dozou bäidréit, dass besser Konditiounen fir eise Statsapparat geschafe ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Stendebach. Ech géif dann den Här Henckes froen, ob en seng Interventioun vu virdrun nach wëllt compléetieren?

(Assentiment)

D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech mengen, ech si mat lech d'accord, dass et vläicht besser gewiescht wär, mir hätten eng Suspension de séance gemaach, fir och alle Kolleegen et ze erlaben, d'Debatten ze verfollegen, anstatt dass een hei muss an aller Eil versichen, fir séier ee Bréitchen z'essen. Da kommen heiansdo esou kleng Verwiesselunge vir. Ech entschëllege mech, dass ech domadder e bësseleche Perturbation bruecht hunn.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech wollt zum Projet de loi e puer Wuert soen. Notamment, wann

een d'Chiffre kuckt, déi hei an dem Projet virleien, an dofir ass et gutt, wann den Zoufall et wëllt, dass mir haut de Budgetminister hei hunn.

Mir hunn 18,5 Milliounen Euro virgesi fir de Prix d'achat. De Loyer vum Gebai mécht 1,5 Milliounen Euro d'Joer aus. Wann ech dat e bësse vergläichen, da fannen ech, dass, op Basis vun deem investéierte Kapital, e Loyer bezuelt gëtt, dee ronn 8% ausmécht. Op där anerer Säit hu mir ons Sue placéiert, Här Trésorminister, zu engem Taux, dee garantéiert wäit ënnert der Halschent läit, esou dass et also opportun wär fir déi Optioun, déi mir anscheinend ënnerschriwwen hunn, esou séier wéi méiglech ze exercéieren.

Ech wollt froen, wéi déi Optioun libelléiert ass. Ass et eng Optioun mat engem fixe Präis, oder ass et just nëmmen eng Option d'achat? De Rapporteur ka mir dat vläicht preziséieren.

(Interruption)

Ech hunn dat Gesetz gelies, an et steet do „prix d'acquisition“. Ech huelen u „pour un prix maximum de...“. Wann et eng Option d'achat wär, hätt normalerweis missen e präzise Präis drastoen. Vläicht kann de Präis nach no ënne reduzéiert ginn, mä wann de Präis de maximale Präis ass, da gesäit een, dass de Loyer op jidde Fall vill ze vill héich ass. Dat bekräftegt just nëmmen dat, wat ech hei gesot hunn.

Deen anere Punkt, deen ee muss ervirsträichen, dat ass, dass et gutt wär, wann d'Regierung géing bekannt ginn, wéi se elo wëllt an Zukunft hir Servicer regroupéieren oder net. Ech mengen, et ass absolut berechtigt, dass déi administrativ Servicer an der Stad hir Plaz hunn, mat eventuell verschiddenen Antennen uechtert d'Land, mä et ass awer och wichteg, dass een esou vill wéi méiglech déi administrativ Servicer konzentréiert, well ganz vill Leit wëllen eng Administratioun an nach een anere Service deeselwechten Dag oder déiselwecht Zäit an Anspruch huelen, an dann ass et besser, dass déi Leit dat kënnen zu Fouss maachen, anstatt dass se sech musse mam öffentlechen Transport oder mam Auto ploen, fir vun enger Administratioun bei déi aner ze kommen.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Den Här Bausch wëllt net méi intervenéieren. An deem Fall huet den Här Minister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ech hunn näischt z'iesse kritt, well ech kontinuéierlech geschafft hunn. Ech hat elo just während enger Sekonn versicht ee Maufel z'essen, mä ech gesinn, dass mir dat net geléngt. Dir musst also weider mat engem dënne Budgetminister lech offannen.

(Interruption)

De Budget ass geschwënn wéi de Minister.

Ech wollt e puer Observatiounen maachen, e puer Äntwerte ginn op déi Froen, déi mir gestallt gi sinn. Ech sinn net Landesplanungsmi-nister, kann also dofir net komplett déi éischt Observatioun vum Kolleeg Alex Bodry beäntweren. Ech géing just wëlle soen, dass, ouni dass vläicht honnertprozenteg festgeluegt objektiv Critère bestinn iwwert d'Lokalisatioun vun de staatleche Servicer, mir an der Regierung gesot hunn, dass déi technesch Servicer, déi net direkt Regierungsservicer sinn, de

préférence sollen ausserhalb vum Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg lokaliséiert ginn. An dëst Gebai kommen eng ganz Rei vu Servicer, déi méi direkt mat der Regierung zesummenhänken, voire Servicer, wou d'Leit aus dem Land hignn. Do bleift et, dass eng zentral Stell am Land méi einfach ass fir d'Leit, wéi wann déi ausserhalb vun der Hauptstadt lokaliséiert ass.

Mir haten zum Beispill d'Diskussioun: Wann ech mä Ministère huelen an de Justizministère iwwert de Registre de Commerce, do sinn der, déi gesot hunn: Kommt mir lokaliséieren dat iergendwou am Süden. Do hunn anerer gesot, déi méi aus dem Norden oder dem Zentrum sinn: Dat gëtt e Problem mam Accès. Also muss een de Critère vum Accès ëmmer berücksichtegen. Insofern eng Rei Servicer an Zukunft iwwer Internet wäerte goen, gëtt déi Fro manner wichteg a kann ee méi dezentaliséieren. Déi technesch Servicer ginn am Prinzip dezentraliséiert.

Déi zweet Fro vum Här Bodry war déi iwwer de Finanzement. Vläicht well Chrëschttag esou no ass, sinn ech haut exceptionell mam Här Bodry op ville Punkten d'accord. De Chiffer, deen am Budget steet fir d'Acquisitioun vun Immeublen, ass traditionell iwwerschratt ginn. Leider hat den Här Bodry keng Chifferen hei aus der Legislaturperiod 1994-1999, an d'Zäit ass esou fortgeschratt, dass ech mengen, dass meng Beamten och net méi do wäeren, fir déi kënnen ze froen. An deem éischte Joer, wou ech an der Regierung war, hate mir dee Punkt och schonn.

(Interruption)

Ech wollt just soen, dass et eng Konstanz doranner gëtt, an déi huet eng ganz gutt Ursaach. Ech erklären lech firwat.

Et weess een tatsächlech net an deem Moment, wou een de Budget mécht, wat fir eng Gebaier ee während dem Joer keeft.

Dat ass deen éischte Punkt. Den zweete Punkt ass, datt et och en fonction vun de Recettë ganz kloer ass, datt een eng Rei Acquisitiounen net mécht. Dofir ass et net weider erstaunlech, datt mer an deene leschte Jore wou d'Recetten héich waren, wa gutt Opportunitéiten do ware fir Bürosgebaier ze kafen, da gesot hunn: Mä vu datt mer et kënne maachen a vu datt d'Loyeren héich sinn, hu mer besser mer kafen, a vu datt dat an de finanzielle Méiglechkeete vum Stat läit, hunn ech dann als Budgetminister en Dépassement de crédit op deem Kredit accordéiert.

An Zukunft wäert ech dat net méi an deem Ausmooss maachen. Et schéngt fir mech ganz kloer, datt wann déi Situatioun vun de Steierrecettë sech net verbessert, datt mir an deem nächste Joer oder an deenen nächste Jore keng nei Gebaier weder méi wäerte bauen nach kafen. Et sinn der och déi mengen, d'Loyere géife souwisou an deene nächsten zwee, dräi Joer um Bürosmarké substanzuell falen. Ech weess dat net, ech si keen Expär an där Matière. Dat hängt jo e bëssen dovun of wat op der Finanzplaz geschitt. Dat hängt awer och domat zesummen, datt duerch den Elargissement nei Nofro no Büroer kënnt. Dofir ginn déi eng an déi aner Theese vertrauden, mä et ass net d'Intentioun vun der Regierung fir elo dat, wat mer dëst Joer e puermol gemaach hunn, d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer weider ze féieren. Mir wëllen elo emol d'Situatioun vum Marché immobilier observéieren an dann erëm méi lounen, esou wéi meng Virgänger ëmmer quasi ausschliesslech gelount hunn.

Iwwert de Fong vun administrative Gebaier kënne mer dat natierlech net finanzéieren, well dat sinn nëmme Suen déi fir Bauprojekte

sinn, an an de Pluriannuel kann een et natierlech net aschreiwen. Ech muss lech soen, wéi mir am Summer de Compromis ënnerschriwwen hunn, hate mer d'Intentioun dat nach dëst Joer ze kafen. Da kann ech dat also net an de Pluriannuel schreiwen, an ech kann och elo net an de Pluriannuel schreiwen e Projet vun engem Gebai, dee mer vläicht eréischt an zwee oder dräi Joer kafen, an dat ass den Ennerscheed, mengen ech, zu engem Bauprojet, deen eng Virlafzäit huet, wou een e Plang ausschafft an dat dann am Pluriannuel muss virgesinn.

(Interruptions)

M. Alex Bodry (LSAP).- Dee Projet ass e votéiert Gesetz an ech mengen, e votéiert Gesetz ass net eng einfach Indikatioun, dat ass méi bannend wéi muench anere Projet, deen elo an de Fongen drasteet, wou d'Chamber sech nach guer net dozou geäussert huet.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Dat ass richtig. D'Fro ass just, wa mer dat zum Beispill géingen dëst Joer nach kafen, da kënnte mer et net an de Pluriannuel vum nächste Joer hisetzen, an am Juli oder am August ass eréischt dee Compromis ënnerschriwwen ginn. Da konnt et och nach net am Budget vun dësem Joer stoen. Et kann een net alles virausgesinn. Dat muss ee maachen, wann d'Opportunitéit do ass.

Ech ka mech gutt erënneren, wéi eng Kéier de President vum Comité d'acquisition komm ass a gesot huet: Mir siche Büroen an elo fanne mer op der Escher Strooss e Gebai, dat sech géif fir eng ganz Rei Servicer prêtéieren, dofir proposéieren ech, datt d'Regierung dat dote soll kafen. A vu datt et e Montant ass, deen eng Gesetzesbasis erfuert, si mer dunn op dee Wee gaangen. Wéi gesot, dat muss ee kucken à la lumière vun de Recetten.

Ech mengen, datt den Här Henckes Recht huet, datt dat hei stolz Loyere sinn. Et ass och dofir firwat mer déi Option d'achat ausgehandelt hunn, an insofern d'Finanzlag et erlaabt, hu mer och wëlles déi Option d'achat ze realiséieren. Mä wéi gesot, fir d'Zukunft wëlle mer virun allem erëm lounen, wéinst der Steiersituatioun a well mer de Marché immobilier elo emol wëllen e bëssen observéieren.

Dat waren déi puer Prezisiounen, déi ech nach dozou wollt ginn an ech wär da frou, wann d'Chamber dee Projet géif stëmmen, an ech soen dem Rapporteur, dem Lucien Clement, och hei nach eng Kéier villmools merci fir déi Aarbecht, déi en hei gemaach huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5016 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5016.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M.

Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Paul Helminger), MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Ben Fayot) et Marc Zannussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5033 iwwert d'Organismes de placement collectif.

Dem Rapporteur stinn 20 Minutte Riedezäit zur Verfügung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt, an agedroe sinn déi Häre Krecké, Rippinger, Henckes an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

9. 5033 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diversifikatioun vun der Lëtzebuurger Wirtschaft ass e Begrëff, deen a leschter Zäit dacks esou gefall ass. Wann dës Diversifikatioun schonn amgaangen ass an nach en ustriewend Zil bleift, wäerten an därfe mer net déi aktuell Lokomotive vun der Lëtzebuurger Ekonomie veranoléissen. Op där enger Säit muss d'Finanzplaz sech weider entwéckelen, an op där anerer Säit muss et op der Finanzplaz selwer ze enger Diversifikatioun kommen. An dës zwee Voleten, dat heescht d'Weiderentwécklung an d'intern Diversifikatioun vun der Finanzplaz, sinn an dësem Projet de loi verbonnen.

Ech kënnt mech natierlech, Här President, beschränken ze soen, et wär en technesche Projet an et wär e gudder Projet fir d'Finanzplaz, well en esou technesch ass. Ech kënnt nach dobäi fügen, e wär desto besser fir d'Finanzplaz, well e méi technesch ass a well en nach dobäi laang ass; et si bal 140 Artikelen. Et ass net d'Technicitéit vun der Matière, déi et mécht, ob en Text gutt ass oder net. Et ass de Wëllen, de Finanzsektor mat engem sengen Entwécklungsméiglechkeeten ugepasst kohärente legislative Kader ze versinn, deen eenzeg an eleng wichteg ass. Et bréngt et net, vill

iwwert d'Finanzplaz ze schwätzen oder ze jéieren ouni eppes ze maachen oder weéngstens eppes ze proposéieren, an do sinn d'Acteure vun der Finanzplaz wéi d'Politik gefuerdert. Déi eng musen ëmmer méi attraktiv Produiten hire Clienten ubidde kënnen, déi aner musse suergen, datt de legislative a réglementäre Kader op der Héicht ass.

D'Banque d'émission de lettres de gage, Transfert de propriétés à titre de garantie an d'Circulation des titres et autres instruments fon-gibles sinn e puer rezent Beispiller vun enger moderner, der Finanzplaz würdeger Législatioun. D'Titrisatioun an eng nei Reglementatioun vun der Fiducie stinn nach virun der Dier. An dësem Kontext ass och dësse Projet de loi ze gesinn.

Et geet em eng nei Reglementatioun vun den Organismes de placement collectif, déi néideg gouf, well mer zwou Direktive vum 21. Januar 2002 ëmsetzen hunn. Mir wieren dat éischt Land, dat dës zwou Direktiven integral ëmsetzt. Lëtzebuerg hat sech op dësem Gebitt ëmmer eng modern Reglementatioun ginn. Dat war 1983 an 1988 de Fall, an dat ass haut och nach de Fall.

Wa se vun Organismes de placement collectif oder Fonds d'investissements oder nach SICAVen héiere schwätzen, denken déi meescht direkt - a wat richtig ass -, mä nëmmen - wat manner richtig ass - un d'Loi-Rau-SICAVen, déi nach Steierreduktiounen erméiglechen. De Sektour vun den Organismes de placement collectif hält awer eng bedeiend Stellung zu Lëtzebuerg an. Am Joer 2000 hunn d'Organismes de placement collectif 8,8% vum PIB ausgemaach an d'Steierakommes fir de Stat louch bei 860 Milliounen Euro oder 13,5% vun de globale Steierrecetten. 7.200 Leit hunn direkt an dësem Sektour geschafft, indirekt waren et der 13.500, dat heescht 5,53% vun de Salarieën. Zum Vergläich, an darselwechter Zäit, dat heescht am zweete Semester 2000, hunn ongeféier nëmme 6.800 Leit bei der deemoleger ARBED geschafft. Dës Zuele weisen op de wichtege Apport vun den Organismes de placement collectif fir eis Wirtschaft hin, an aus deem einfache Grond ass dës Branche net als Niewesächlechkeet unzegesinn.

No de leschten Zuelen, déi d'CSSF publizéiert huet, gëtt et zu Lëtzebuerg 1.960 Organismes de placement collectif, an d'Aktive vun dësen Placements collectifs belafe sech op 853 Milliarden Euro. Wann een nach denkt, datt et Enn 1990, also virun e bësse méi wéi zéng Joer 805 Organismes de placements collectifs gouf mat Aktive vun 72,2 Milliarden Euro, kann een de Wee gesinn, deen an där kuerzer Zäit zrëckgeluegt ginn ass. An zéng Joer ass d'Zuel vun den Organismes de placement collectif em méi wéi 250% an d'Aktiven, déi se géréieren, em méi wéi 1.180% gestiegen.

Hautdësdays ënnerleien d'Organismes de placement collectif dem Gesetz vum 30. Mäerz 1988. Dëst Gesetz vum 1988 gëtt duerch deen heite Projet de loi, awer nëmme mat Effekt op den 13. Februar 2007, abrogéiert. D'Gesetz vum 1988 hält d'Regele fir d'Grënnung, de Fonctionnement, d'Iwwerwachung an d'Liquidatioun vun den Organismes de placement collectif fest. Hei ënnerscheet een tëschent dräi verschiddene Kategorie vu Fongen.

Déi vun der Partie I, vum Gesetz vum 1988, och Organismes de placement collectif en valeurs mobilières genannt, kënnen hir Aktiven nëmmen a Valeurs mobilières investéieren; si kënnen awer en contre-partie vum Passeport européen profitéieren, dat heescht, si kënnen duerch eng einfach Prozedur an anere Memberstate vun der Unioun kommerzialiséiert ginn.

Déi an der Partie II, einfach Organismes de placement collectif genannt, kënnen an aner Produite, wéi Valeurs mobilières investéieren, mä en contre-partie bénéficiéiere si net vum Passeport européen, dat heescht si kënnen net esou einfach um Territoire vun der Unioun kommerzialiséiert ginn.

D'Partie III vum 88er Gesetz befaasst sech mat aussereuropäeschen Organismes de placement collectif, déi zu Lëtzebuerg wëllen enregistréiert ginn.

Well déi zwou Direktiven nëmmen d'Organismes de placement collectif en valeurs mobilières, also déi ënnert d'Partie I falen, viséieren, sinn d'Ännerungen, déi ech elo gläich wäert kuerz virstellen, wesentlech op d'Partie I beschränkt.

Dës Partie I beschreift déi verschidde juristesche Formen, déi en Organisme de placement collectif en valeurs mobilières kann uhuelen. Et sinn där haaptsächlech zwou: de Fonds commun de placement an d'SICAVen.

De Fonds commun de placement ass eng Indivisioun vu Valeurs mobilières. Den Investisseur kënnt also an eng Indivisioun eran a gëtt Indivisaire. De Fonds commun de placement huet keng Personalitéit juridique, et ass also eng Société de gestion, eng Gesellschaft, déi eng eege Personalitéit juridique huet, déi de Fonds commun de placement géréiert.

Eng SICAV ass eng Société anonyme, d'Abréviatioun ass: Société d'investissement à capital variable. Den Investisseur gëtt en Aktionär vun där SICAV, et ass bal eng normal Société anonyme,...

(Interruption)

... - bal eng normal hunn ech gesot -, well de Prinzip vun der Fixitéit vum Kapital bei enger SICAV net virhanden ass, dat heescht, wann een Investisseur Aktionär gëtt, brauch ee keng Augmentation de capital iwwer eng Décisioun vun den Aktionäre virun engem Notaire ze huelen.

Ech wëll kuerz elo op déi verschidden Ännerungen, par rapport zum Gesetz vum 1988, agoen. D'Struktur vum Projet de loi ass bal identesch mat där vum Gesetz vum 1988, d'Ausnahm ass, dass elo eng nei Partie IV sech mat der Société de gestion befaasst. Dës Ännerunge betreffen déi folgend véier Punkten.

Eischstens: D'Politique de placement. An anere Wieder, do wou den Organisme de placement collectif investéieren dierf.

Wéi schonns gesot - an den Numm seet et jo och schonn aus - dierfen d'Organismes de placement collectif en valeurs mobilières nëmmen «en valeurs mobilières» investéieren. Et ass awer net ëmmer evident ze ënnerscheeden, wat eng Valeur mobilière ass a wat keng ass. Wann ee falsch läit, kann een op eemol net méi vum Passeport européen Gebrauch maachen, mat deene Konsequenzen déi ee sech virstelle kann.

Dofir gëtt awer elo am Projet de loi den Terme Valeur mobilière definiert a prezisiéiert, an a wat fir eng Aktiven den Organisme de placement collectif kann investéieren. Zum Beispill en dépôts en banque oder Instruments vum Marché monétaire.

Doniewent ginn d'Regele vun der Diversifikatioun vun den Investissements vum engem Organisme de placement collectif prezisiéiert. All d'Gesellschaft vum engem Grupp zum Beispill, oder ënnergeuerdent Strukturen an enger Gesellschaft, ginn als enzel Emetteure considéiert, fir d'Plaf-fongen ze berechnen.

D'Investissementspolitik vun esou engem Fong kann och ausnahmsweis no Börsenindicé gestalt ginn, wat ënnert dem heitege Gesetz net ëmmer méiglech wor. En Organisme de placement collectif kann elo 100%, an net méi, wéi bis elo ënnert dem 88er Gesetz, 10%, an Aktiven oder Parte vun aneren OPCen investéieren.

Esou Organismes de placement collectif en valeurs mobilières heeschen och Fonds de fonds, dat heescht si investéieren an en anere Fong.

Mä eng Dräi-Niveau-Struktur wou en Organisme an en aneren Organisme investéiert, dee selwer an en drëtten Organisme investéiert, also e Fonds de fonds de fonds, ass net erlaabt. Schlussendlech, fir mat der Investitiounspolitik of-zeschléissen, sinn d'Regele vun den Investissements en produits dérivés prezisiéiert a vervollstännegt ginn.

Déi zweet grouss Ännerung betrëfft d'Société de gestion. Ennert dem Gesetz vum 1988 hat eng Société de gestion als Haaptaufgab, e Fonds commun de placement ze géréieren an huet missen e Minimum vu Kapital vum 1.250.000 Euro opweisen, egal wéivill Aktive se géréiert. Si ware kenge spezifeschen Agrémenten duerch d'CSSF ënnerworfen.

De Projet de loi gesäit elo zwou verschidde Kategorie vu Sociétés de gestion vir, déi vun der CSSF agréiert musse ginn.

Déi eng géréieren Organismes de placement collectif en valeurs mobilières. Si kënnen och, wéi e Gestionnaire de fortune, op enger individualiséierter an discrétionärer Basis d'Porte-feuill géréieren, an niewesächlech och d'Conseils-aktivitéiten oder d'Garde an d'Administration vu Parte vun OPCen duerchféieren.

En contre-partie muss esou eng Société de gestion e Kapital opweisen, dat proportionell ass zu den Avoiren déi géréiert ginn, mat engem Minimum vum 1.250.000 Euro an engem Maximum vum 10.000.000 Euro. D'Halschent vun deem Kapital kann iwwer eng Bankgarantie beluegt ginn.

Et gouf behaupt, datt d'Minimumkapital vun op mannst 1.250.000 Euro, wat 40,3399 mol méi héich läit wéi bei enger normaler Société anonyme, ze héich ugesat wor. Nichtsdestotrotz ass dës Exigence vun der Direktiv, déi mer elo ëmsetzen, iwwerholl ginn.

Wéi schonns gesot gesäit de Projet de loi fir den Agrément vun esou enger Société de gestion eng Prozedur vir, wou ënner anere d'Honorabilitéit an d'Erfahrung vun den Dirigeanten iwwerpréift gouf. Och wann Termen, wéi Erfahrung an Honorabilitéit vun den Dirigeanten e bëssche vague schéngen ze sinn, fanne mer déi och bei der Agrémentsprozedur vu Banken am professionelle Sektour financier, wéi dat am Gesetz vum 5. Abrëll 1993 beschriwwen ginn ass, erëm, ouni datt et hei zu engem Arbiträr gefouert huet.

Eng Société de gestion kann elo verschidde Fonctiounen delegéieren, a si kann och an anere Memberstate vun der Europäescher Unioun aktiv ginn, dat heescht entweder iwwer Succursalen oder a „libre prestation de services“. Hei ass och eng vereinfacht Agrémentsprozedur virgesinn. Natierlech kënnen d'Sociétés de gestion aus anere Memberstaten och hei zu Lëtzebuerg hir Presenz markéieren.

Déi zweet Kategorie vu Sociétés de gestion kann nëmmen, wéi virdrun, Organismes de placement collectif vun der Partie II géréieren, déi also kee Passeport européen opweises hunn.

Déi drëtt Innovatioun betrëfft d'Organismes de placement collectif vun der Partie I, déi als Société d'investissement géréieren. Hei gëtt eng Agrémentsprozedur, déi virdrun net do wor, agefouert.

De véierten a leschte Punkt ass d'Noutwendegkeet, fir den Organismes de placement collectif en valeurs mobilières e Prospectus simplifié ze veröffentlechen. Dëse Prospectus simplifié sollt den Investisseuren et erlaben, fir sech, op Grond vun engem liicht verständlechen Text en objektivi Bild vun Fong ze maachen, éier si hiert Geld dodran investéieren.

Ech wëll mä mëndleche Rapport mat folgende Remarquen ofschléissen.

Éischtens wäert d'Gesetz vum 1988 bis den 13. Februar 2007 applicabel sinn, dat ass duerch déi wichteg mä komplex Disposition transitoire bedéngt. Ech wëll elo net op dës Disposition transitoire hei agoen, Dir kënnt lech e Bild vun där Komplexitéit vun deene Bestëmmungen a mengem schrëftleche Rapport maachen.

Zweetens war et wichteg, esou séier wéi méiglech dësse Projet de loi ze stëmmen. Och wa bis den 12. Februar 2004 d'Organismen ënnert dësem Projet de loi de Passeport européen nach net kréien, musse sech d'Acteure vun der Finanzplaz op déi nei Regeln astellen. An deem Sënn huet de Statsrot eng grëndlech a séier Aarbecht geleescht. Zum Beispill huet en den 10. Dezember säin Avis complémentaire ofginn, wou en 23 Amendementer, déi mer him de 4. Dezember - also bal manner wéi eng Woch virdrun - iwwerreecht haten.

Drëttens wëllt ech der CSSF a besonnesch hirem Directeur général, dem Här Schaus, der Madame Delcourt an dem Här Goy merci soe fir hir Hëllef, déi se mer ginn hunn, fir dee komplizéierte Projet ze preparéieren. Och dem Här Reiter vun der Chamber ass et ze danken, datt mer haut dësse Projet de loi kënnen ofstëmmen.

Véiertens da schlussendlech déi traditionell Prozedur, déi mer an der Kommissioun haten. Den 8. Oktober 2002 huet de Budgets-an Trésorminister dësse Projet deponéiert, d'Chambre de Commerce huet den 21. Oktober 2002 dësse Projet aviséiert, den Avis vun Conseil d'Etat ass vum 5. November 2002. Déi Avisen an de Projet de loi sinn an der Kommissioun den 19. November an den 2. Dezember analyséiert ginn, den 2. Dezember huet d'Kommissioun 23 Amendementen ugeholl, déi dann de 4. Dezember dem Statsrot iwwerbruecht gi sinn. Den Avis complémentaire ass vum 10. Dezember an de 16. Dezember ass mäi schrëftleche Projet unanime ugeholl ginn. Den Här Urbany war net do.

Ech géif lech also bieten als Rapporteur, dësse Projet unzuhuelen, wéi en d'Kommissioun de 16. Dezember ugeholl huet, an domadder géif ech och den Accord vu menger Fraktioun ginn. Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann eis Partei d'lescht Woch vertrueden huet, dass et zu enger Diversifikatioun, och am Ennere vun der Finanzplaz muss kommen, dann ass et evident, dass eis Partei e Gesetz wéi dat hei, wat iwwert d'OPCe geet, wat also eent vun de Standbeen ass, ënnerstëtzt, d'autant plus dass dat hei elo en Texte coordonné gëtt, dee vläicht den Iwwerbléck erëm méi einfach mécht. Dofir bréngen ech den Accord vu menger Partei.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.